

**M. le Président.-** Den Här François Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, och mir sinn domat averstanen.

**M. le Président.-** Den Här Marcel Glesener huet d'Wuert.

**M. Marcel Glesener (CSV).**- Här President, mir hate schonn eis Zoustëmmung ginn.

**M. le Président.-** Den Här Minister huet d'Wuert.

**M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.-** D'Regierung freet sech iwwert déi breet Zoustëmmung.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4774 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 58 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Claude Wiseler;

*Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell (par M. Emile Calmes), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par M. Jos Scheuer), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly*

*Jaerling (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jean Colombero);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4756, en Ofkommes am Beräich vum Rentewiesen tëschent Lëtzebuerg an Däitschland. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluegt. Et sinn ageschriwwen déi Häre Glesener, Lux, Gibéryen a Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Niki Bettendorf.

**6. Projet de loi 4756 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République fédérale d'Allemagne relative à la coopération dans le cadre de l'assurance insolvabilité des régimes complémentaires de pension, signée à Berlin, le 22 septembre 2000**

**Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale**

**M. Niki Bettendorf (DP), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi betrëfft d'Kooperatioun tëschent Däitschland a Lëtzebuerg am Kader vun der Assurance insolvabilité wat d'Regimer vun den Zousazpensiounen ubelaangt.

D'Konventioun gouf den 22. September 2000 zu Berlin ënnerschriwwen.

Am Artikel 21 vun eisem Gesetz vum 8. Juni 1999 betreffend d'Zousazpensiounen steet, dass de Risque insolvabilité vum selwechten Organismus ofgedeckt gëtt wéi an Däitschland an zwar vum "Pensions-Sicherungs-Verein, Versicherungsverein auf Gegenseitigkeit".

Zënter 1980 besteet eng europäesch Direktiv, déi d'Memberstaten opfuerdert, dass d'Intérète vun de Salariée garantéiert bleiwen, och wann den Arbeitgeber senger Verpflichtungen net méi kann nokommen, zum Beispill wéinst Insolvabilitéit oder Faillite. Dës Obligatioun, de Risque d'insolvabilité vun der Entreprise ze assuréieren, steet am Artikel 21 vum Gesetz vun 1999. Do steet dran, dass d'Entreprise muss de Risiko verséchere bei engem "organisme dûment agréé par le Gouvernement".

Dës Konventioun huet prezis den Zweck fir de "Pensions-Sicherungs-Verein, Versicherungsverein auf Gegenseitigkeit" ze agréieren.

Eis all wier et sympathesch gewiescht, fir eng national Léisung ze fannen an net fir näischt hat de Conseil d'Etat 1994 eng Opposition formelle gemaach zum initialen Text, wou de "Pensions-Sicherungs-Verein" nominativ opgefouert gouf. Du gouf den initialen Text dann ëmgeännert an am Gesetz steet elo, dass de Marché op ass wat d'Couverture vun den Zousazpensiounen ubelaangt "à tout organisme ou entreprise agréé par le Gouvernement".

Wéi scho gesot, mir hätten eng reng national Léisung virgezunn, mä dat war awer net méiglech. Et ass bestëmmt besser, méi sécher an enger grousser Risikogemeinschaft ofgeséichert ze sinn, déi iwwert de kleng Lëtzebuerger Kader erausgeet. Eng grouss Risikogemeinschaft ass sonder Zweifel de "Pensions-Sicherungs-Verein".

Am Hannerkapp muss een awer behalen, dass wéi mir iwwert d'Gesetz vum 8. Juni 1999 theoretesch de Marché opgemaach hunn, mir kengem eng Monopolstellung ginn hunn. De facto ass et awer eng Exklusivitéit fir de PSVaG.

De Conseil d'Etat opposéiert sech dëser Léisung awer net an en zielt dräi Grënn op, firwat dass e sech net opposéiert:

1. Dat communautäert Recht ass ganz large a Situatiounen, wou et ëm Exklusivitéite geet, wann et sech ëm eng Mission d'intérêt économique général handelt.

2. Weist de Conseil d'Etat drop hin, dass dat däitscht Beispill bewisen huet, dass et fonctionnéiert an et huet och nach net zu juristesche Kontestatiounen geféiert.

3. Weist de Conseil d'Etat drop hin, dass haut d'Solutioun PSVaG déi eenzeg Méiglechkeet ass, fir Lëtzebuerger Entrepreneuren déi Ofsécherung ze ginn, déi se brauchen, wa se e betriebsinternen Zousazpensiounsregime hunn.

Dofir ass dës Konventioun wichteg. An Däitschland huet de Bundesrat de 16.2.2001 keng Objektioun gehat an de Bundestag ass elo mam Projet befaasst. D'Chamberskommissioun proposéiert dofir dës Projet ze stëmmen. Wann ech mech nach richteg erënneren, gouf et beim Ofstëmmen an der Chamberskommissioun keng 100%eg Unanimitéit. Et gouf eng Abstentioun.

Niewent mengem Rôle als Rapporteur huet d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei mech chargéiert den Accord vun der DP zum Projet ze ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Gibéryen.

### Discussion générale

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, de Rapporteur war dës Kéier wierklech esou perfekt, dass vun eiser Säit aus nëmme méi kann eng Zoustëmmung zu deem Projet kommen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Bausch.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech brengen och eis Zoustëmmung.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Bisdorff.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).**- Här President, et ass schonn drop higewise gi vum Rapporteur, dass dat hei keng ganz zefriddestellend Léisung ass aus enger Rei vu Grënn, ënner anerem well déi Betriber, déi elo déi Versécherung géint d'Zahlungsonfäegkeet maache mussen, Cotisatiounen ofliwwere mussen no dem däitsche Gesetz. Köln ass d'Tribunalsplaz, wa Saache geschéien, déi virun d'Gerichter kommen, esou dass dat fir déi Lëtzebuerger Gesellschaften, déi sech do musse versécheren, net onbedingt deen einfachste Wee ass. Dat war och d'Ursach, firwat ech mech an der Kommissioun vis-à-vis vun dësem Gesetz enthalen hunn. Ech bedauern, dass keng aner Léisung fonnt ginn ass an ech wäert och meng Enthaltung elo bei der Ofstëmmung bäibehalen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Lucien Lux.

**M. Lucien Lux (LSAP).**- Här President, den Här Bisdorff huet sécherlech Recht wann en drop opmierksam mécht, dass dës keng ideal Léisung ass, mä et ass déi eenzeg valabel, déi fonnt ginn ass. Et ass eng ganz pragmatesch a mir kënnen hir zoustëmmen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Glesener.

**M. Marcel Glesener (CSV).**- Här President, ech hat scho virdrun d'Zoustëmmung gi vun eiser Fraktioun.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Minister Henri Grethen.

**M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.**- Här President, d'Regierung hätt sech méi eng breet Zoustëmmung gewënscht, mä si kann awer och mat där do Majoritéit liewen.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun dem Article unique vum Projet de loi 4756 a stëmmen driwwer of.

### Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4756.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei enger Enthaltung ugeholl.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Claude Wiseler;

*Mme Simone Beissel* (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Kriebs (par Mme Agny Durdu) Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. John Schummer), Marco Schroell (par M. Emile Calmes), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Ben Fayot), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch

(par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

MM. François Bausch, Robert Garcia (par Mme Renée Wagener), Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

*S'est abstenu:* M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

### **(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um 14.30 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 16.53 heures)**